



Äntwert vum Ministrer fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5362 vum 8. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierte Max Hahn

Ginn déi staatlech Vëlospisten reegelméisseg gebotzt respektiv ënnerhal ? Wann net, ass virgesinn dëst an Zukunft méi systematesch ze maachen, besonnesch während den Hierscht- a Wanterméint ?

Als éischt gëllt et ze betounen, dass een tëscht dem konstruktiven an dem lafenden Ënnerhalt vun de staatleche Vëlospiste muss ënnerscheeden.

Laut dem modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 iwwert den nationale Vëlosreseau, ass d'Ponts et Chaussées fir de konstruktiven Ënnerhalt vun den nationale Vëlospisten, déi ausseruerts an inneruerts op Staatsstroosse verlafen, zoustänneg. Zum konstruktiven Ënnerhalt zielt ënner anerem d'Flécke vu Rëss, d'Schlësse vu Fouen, Accotementer respektiv d'Erneiere vum ganze Belag. D'Ausnam vun dëser Reegel sinn national Vëlospisten déi ob enger Gemengestrooss inneruerts verlafen, hei fält de konstruktiven Ënnerhalt an d'Kompetenze vun der Gemeng.

Den konstruktiven Ënnerhalt gëtt, wann d'Wiederkonditiounen et zouloossen, vu der Ponts et Chaussées iwwert dat ganz Joer gemaach. Déi meeschten Aarbechten ginn allerdéngs am Fréijoer an am Summer gemaach.

De lafenden Ënnerhalt fält allgemeng ënnert den Zoustännegkeetsberäich vun de Gemengen. Ënnert dem lafenden Ënnerhalt versteet sech ënner anerem d'Botze vun der Strooss, de Kanalisatiounen, den Equipementer, d'Fortmaache vu Graffiti op den Ouvragen, d'Botze vun der Beliichtung (déi net zur der ëffentlecher Beliichtung vun der Strooss gehéiert) ewéi och d'Schneide vun de Beem an Äscht an de Wanterdéngscht.

Dobäi ass ze bemierken, dass folgend dem Artikel 6 quater, de lafenden Ënnerhalt vu Vëloexpressweeër vun der Ponts et Chaussées assuréiert gëtt.

Wees den Här Minister vun Accidenter vu Cyclisten, déi op de schlechten Zoustand vun enger Vëlospiste zréckzeféiere wieren ?

Mir leit keng Statistik iwwert Accidenter vu Cyclisten op den nationale Vëlospiste vir. Et ass dobäi awer ze erwänen, dass d'Vëlospisten am allgemengen an engem gudden Zoustand sinn.

Wéi vill Meldungen krut d'Administration des Ponts et Chaussées an de leschten dräi Joer iwert den Zoustand vu Vëlospisten ?

Säit 2017 kann all Reklamatioun oder Commentaire zum Zoustand vun de Vëlospisten op d'E-Mail-Adress pistescyclables@pch.etat.lu geschéckt ginn. Am Fall wou d'Ponts et Chaussées net zoustänneg ass, ginn dës Mailen un déi zoustänneg Gemenge weider geschéckt.

Am Joer 2019 krut d'Ponts et Chaussées 18 Meldungen, 2020 waren et der 14 an 2021 nach 7 iwwert den Zoustand vu Vëlospisten eran. Dobäi muss een awer nach soen, dass och Reklamatiounen iwwert net gebotzte Vëlosweeër béi d'Ponts et Chaussées erakommen, wou awer déi jeeweileg Gemengen zoustänneg sinn.

Lëtzebuerg, de 26. Januar 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch